# D' G E S P E N S T E R B U R G--

Eng spannend Detektivgeschicht a 5 Akten.

Perso'nen:

1. Chef
2. Betty, d'Assistante
3. Micky
4. Fleppy
5. Liette
6. Titty
7. Butz — Guiden
8. Jeannette
9. Martine
10. Fernande
11. E Professor
12. De Bauer Mates vum Burghaff
13. Tunn } dem Bauer seng Kniecht
14. Pitt }
15. Tom } 2 Gangster
16. Bob }
17. Gicht
18. Zwé Gendarmen
19. E Brigardier

D'Geschicht spillt sech of bei der Schlassruin vun Eschette ( bei Folscheid ) am E'sleck.

# An der Veillée

Bühn: Am Hannergrond zerfäle Maueren a Reschter vun engem älen Turm: Fielsen a Bém.
An der Mött vun der Bühn e Feier, d'Guiden setzen mat Decken a mam Foulard öm de Kapp öm d'Feier.

## 1. Optrett

De Bauer, seng Kniecht an de Professer stin op der Seit a kucken nô.
D'Guiden stin öm d'Feier a sangen an damzen öm d'Feier "Les guides ont mis;...
(1. an 2. Strôf). Duerno setzen sie sech.

Chef: Löschteg flämt eist e'scht Feier heiuewen op den E'sleckerkoppen. Wat huet est d'Fleppy geschter geschwést we'et de Wénchen mam Gepäck de Bierg erop gezun huet. Mais Hat huet hôm den Appetit awer och guer net verduerwen, au contraire, de' E'slecker Loft mecht hongerech. Ech hoffe dat onse Camp hei um Fou'ss fin der äler Buerg fir iech all, fir Leit a Se'l, sche'n an onvergiesslech Deg brengt.
Mir sin besonnesch frou haut den Owend, de Bauer Mates mat senge Kniecht Pitt an Tunn bei ons ze hun. We' mir geschter bei hien Stre' sich waren, fir d'Stre'säck ze föllen, du huet hin ons ganz misstrauech bekuck a bestömmt geduecht: A wät fir Zigeiner sollen dat do nés sin, de' d'Gror peren klauen an d'Gegend onsecher machen. Vleicht denkt hien dat och elo nach, wo' en ons hei mat enger Decken ömt d'Feier geseit setzen. Mais, Här Mates, Dir braucht keng Angscht ze hun. Mir wöllen beweisen, dat m eng frou a löschteg Band sin an onsem Num als Guiden all E'er machen wöllen. Ech begre'ssen dann och nach den Här Professer, dé schons seit Wochen Gascht vum Burghaff ass, an d'Blumen an d'Planzen aus deser Ge'gend stude'ert. Mir fré'en ons hien önner ons ze gesin. All eise Gäsch zum Wöllkomm, e krättegen : Y Tschiklaka.
all: Tschiklaka;.............
Chaf: An elo iwerhölt d'Betty d'Lédung fun der Veillée.
Betty: (klappt mat zwé Breileffelen op e Kachdöppen a rifft dann): Je déclare ouve notre premier feu de camp......
all: Ahhhhhhh
Betty: An hei eis e'scht Nummer: De Schneiderméschter-Proeffer Dokter Meck. (Eng Guide huet sech ang lang Box ugedoen, de' zesummengestreckt ass, so' dat se ganz dönn ass, de Mantel huet se zu engem Schmuebelschwanz zesummengestreckt, e Bärtchen, eng grouss Sche'er aus Kartong, eng riesen Nol, séldecken Zwier, e richtegen tapferen Schneiderlein.)
Schneider: (Mat deischterer Stömm) Gudden Abend die Leut, ech haben gehört, dir hätt soviele Löcher in das Strömp? An dud ich wollte all die Löcher stopp Ich schnelle schaffen und ganz böllich, sie mir brengen Sachen und am Am sie sind geflickt ....(Eng Guide brengt eng Strömp mat engem decke Lach a mat vill Gaudi a Krach get et zogezun - alles lacht)
Betty: Mir machen hinnen de Bang: Schneider mecj, meck, meck - Schneider
all: Meck, meck, meck 3x Lidd.
Betty: Den Tun fum Burghaff huet gesot hien geng och an d'Scouten goen, wannhei uewen eng Scoutstrupp wär. Solle mir mol kicken op hien e gudden Scout geng gin?
all: Jo, jo.
Betty: Gudd, da komm heihin Tun ( Hat dét dem Tun sein Foulard un). Du brauch elo nömmen sché'n dat no zemachen wat ech dir virmachen, et ass net schwe'er. Hei huel emoldesen Teller an d'Hand ... eso'....An da fierts du sche'n eso' .... dann eso'.... dann ronderöm .... dann richterof ... quésch an den Eck eso'.
(Alles lacht iwert den Tun, dém sein Teller geschwärtzt war. Den Tun kuckt ganz verwonnert a firt weider) Ech stellen iech fir:

Tun de Négerscout) ) Him zu E'eren e ganz ländleche Ban: Muhh

All: Flapp ..........

Betty: An elo ass et un eise Gäscht fir eis eppes ze erzielen. Här Mates dir hut geschter grugelech Sachen erzielt iwer des al Burg, könnt der vielleicht esi all eppes dervun erzielen?

Mates: (Zit e Strapp un senger Päif) Abbé, dir denkt elo vleicht ech geng iech Sé'ercher erzielen. Mais dir wert jo gesinn dat ech Recht hun. Mei Grous: papp se'leg huet mir erzielt, de' Burg do vun der elo nömme me' e puer Mauerreschter me' do stinn, stammt aus der Kreizhärenzeit. We' mei Pap se'leg nach geliewt huet, awar am Bierg eng grouss Läkaul. De'f enner dem Bierg hun d'Männer aus der Ge'gend an aus der Friemd Lästeng gebra Enges Dachs ass e grousst Ongleck geschitt: E Schacht ass zesummen gebr an 120 Männer sin verschott gin a lieweg begruewe. Kén énzegen gouf gere an durno ass net me' hei geschafft gin. Ower et schengt dat de'Do'deg nach liewen......

Betty: Wat, si sollen nach liewen?

Mates: Jo de' Doudeg sollen nach liewen. Hei and do um Hallefnuecht he'ert én et am Bierg klappen......

Professer: Jo Kanner, we' ech virun e puer Wochen heihin komm sin fir an de Wisen an an de Böscher d'Planzen ze önnersichen an ze stude'eren, du hu ech och vun denen Do'degen am Bierg he'eren. Alfräesé'ercher hun ech geduecht, de' d'Baueren owes an der Ucht erzielen. An dach, me' we' e puer eng Ke'er hun ech d'Gespenster he'eren klappen.... an och gesin....

Guiden: Gesinn?....

Professer: Jo gesin. Ech sin eng Ke'er owes spe't aus dem Dall erop komm. De Mound huet hell gelicht. We' ech mer d'Ruinen am Mondschein ugekuckt hu hun ... do gesin ech op emol op der he'chster Spötz eng weiss Gestalt... Si huet lues d'Arm op gehuewen.... Ewe' eng weiss Woliek stong se iwer dem Bösch...An am Bierg huet én ganz domp, awer deitlech de' Do'deg klappe gehe'ert......

(Alles hällt den Otem un... e puer lachen....

Professer: Laxht net Médercher. Ech sin gerannt wat ech konnt an nie me' geng ech mech eleng nuets an des Ge'gend wön. Iwrigens bleiwen ech nuren e puer Dég me' hei, a wann ech iech e gudde Rot ka ginn, da bleiwt net an deser on-hémlecher Ge'gend. Et gin jo nach aner sche'n Platzen, briecht mar er Zelter of a bleiwt net mé' hei.

Mates: Dir hut recht Här Professer, et ass och meng Ménung d'Guiden sollen nöt länger hei bleiwen, ir en Ongleckgeschitt ass.... an elo get et Zeit dat mer hém gin, well muer gét et an de Karschnatz. Hé Pitt du schnarchs jo schon. Komm mer gin hém ... Dajé gudde Nuecht Médercher.

All: Gudd Nuecht!

Professer: Ech wönschen iech all eng gudd Nuecht a vergiesst mei Rot net.

All: Gudd Nuecht Här Professer!

(Bauer mat Kniecht a Professer of)

2. Optrett. (D'Guiden)

Chef: Elo sin d'Géschter fort. Mir fueren mat eisem Programm firun well soss op emol kritt ech en nach eng Hingerhaut mat all dene grugelegen Märecher.

Betty: Eppes muss awer soen, et schengt net alles richteg ze sin an deser Ge'gend Haut de Mötteg ass mir e Mann bege'nt mat engem schwarze Vollbart. En hu sech als Fierschter ausgin, allerlé wollt hie mech ausfroen... An ömmer huet en vun der grousse Geforen geschwat an eis gewarnt, mir sollten nömmen net heibleiwen. Ech muss sôen dé Mann war mir ganz osympatesch. Ech hun derno den Tun gefrot. Dén huet ganz verwonnert gekuckt, an en huet gesot et ge'w hei ké Fieschter gin, an e Mann mat engem schwarze Vollbart geng hien och net kennen an der Ge'gend....

Jeannette: Nujé Betty, elo gléws du och nach u Gespenster a fengs un ze fuebelen. Losse mer ént sangen!

Chaf: Eist Nuetsgebiet dange mer elo an dann gét et an d'Klapp. Well et ass schons spe't.... Da sitt emol all

spe't... Da stitt emol all op!
E puer: O..... schon....
Chef: Guiden ömmer
Guiden; Berét.
Sie sangen : Ecoute la prière....
Um Enn briechen se op emol all of, jeitzen, lafen duerchernén a kucken d'Burg, wo' e weisst Gespenst erschengt... zugleich he'ert én domp Schi... âss dem Bueden. Vu weitem schleit eng Kirchenauer 12 Schle'.... da verschwönt d'Gespenst. D'Klappen duaert weiffer.
(Lues pesperen se all matenén)
Chaf: Fért net, dem Bauer sei Kniecht wöllt ons dach nömmen ferten din. Mir wen net u Gespenster. Mar kuckke mer emol no dém Géscht. An elo seé... an d'Zelter, an da macht dass et roueg ass.
Betty du hälls elo mat mir Wuecht. Durno vun 2-4 d'Matine an d'Fernand... vun 4-6 d'Janette an de Butz. Gudd Nuecht alleguer.
Guiden: Gudd Nuecht Chef!
(All of)

3. Optrett Chef an Betty

Betty: Chef, ech muss der sôen et ass eppes net geheier hei an der Ge'gend. E... wéss net ech trauen dem Professer net. Soll hien iwernapt e rcihtegen Professer sin ? An dann de' Geschicht fum Fieschter! ... Wuerfir sxhwet... se all sou vill mir sollen net heibleiwen... ?
Chef: Jé Betty du wärs dach net u Gespenster glewen! Du geseis eröm eng te'er ze schwarz.
Betty: An dann dat Klappen am Bierg, lauschter, dat ass dach neischt Natirleche...
Chef: Wat soll et da wuel sin? Ech wés jo och nör wou hir et könnt, lais et wert och alt eso' eng Gespenstergeschicht sin. Mar ennersiche mer de' g... gege'nd emol gröndlech.

4. Optrett: Chef, Betty, Géscht.

( We' de zwé do setzen rennt de Géscht se'er iwer d'Bühn a le'sst en Ziedel fälen. De' zwée sprangen op.)
Betty: Wat ar dat?
Chef: De Géscht ...
Betty: De Géscht... O, we' sin ech erschreckt... de Géscht.... wat soll dat al...
Chef: Et wöllt én eis ferten din, an do leit nachen Ziedel weis emol den g Lucht heihin.
(Et höllt den Ziedel po a falt en ausernén) Roud Buch-stäwen......(Liest)
Lagert nicht bei der Schieiervurg! Eich warnen die Toten der Schieferbu...
Drei rout Kreizer als Oennerschröft......
Betty: Weiss heihin! Wat soll dat gin?
Chef: Dommhét ass et! Elauter Dommhét et wöllt én ons eng areiwen. Mir werd... mar de Kèrel schons dannen.
Betty: Wann dat gudd ausgét. Ecn hunesou e kommescht Gefill...
Chef: De' ganz Sach gefällt engem jo net, lais Gespenster get et nie an nimmer. So kengem eppes derfun Betty. Breng d'Beilen an e gudden Knöppel, an dan hâle mir Wuecht bis et hell get, da wert dat Rätsel sechscho klären.

## II. AKT Am Bösch

Bühn de selwecht we' am 1. Akt, e puer Bém, lenks e Fiels vu Wantergreng iwerhang, e verstoppt Lach.

**1. Optrett:** Chef a Guiden

Chef: Mir machen elo e Foulardspill/ Awer mierkt iech, datt, kén aus dem Bösch gét, an datt och ké bei d'Burg gét' Verstanen.

All: Jo Chefw

Chef: Da lass, a brengt er Schanken nach ganz eröm (Chef of d'Guiden verstrée sech)

**2. Optrett:** Micky a Fleppy

Fleppy: Wat soll ech mech mitt läfen an der Hötzt, et get sech emol hir an d'Graas geluegt a gerascht.......
(Hat streckt sech op d'Bühn aus)

Micky: (Könnt lues erageschlach, a köddelt d'Fleppy mat engem Grashalm am Gesicht, d'Fleppy firt an d'Lucht)

Fleppy/ Dajé domm....

Micky: A wat mechs du sou lidderech hei leien? Hopp höllef sichen.

Fleppy: Du kanns jo sichen wann et dir Fréd mecht.

Micky: Dajé Fleppy höllef e beschen, komm mir kucken emol hei. önnert dem Wantergreng. (Sicht an zit d'Wantergreng op d'Seit. Op émol rift et. Hei ... kuck ... e Lach.

Fleppy: Wat fir e Lach?

Micky: En deischtert de'ft Lach. Et gét an de Bierg. Fleppy hues de ké Fixteier en der Tesch. Ech muss dat emol önnersichen.

Fleppy: (Wullt an den Teschen, an zitt mat allerlé Kröm eng Liedchen Fixfeier eraus)

Micky: Dat ass d'Sach. Hier dermat. ( Hat fenkt e Fixspo'n un a licht. Da sét et ganz opgeregt) Do sin Trapen richteg Trapen, de' no önnen fe'eren.... dat schenkt jo e richtegen Gank ze sin, wo soll dat higoen.

Fleppy: An de Bierg, wuer dann anescht... vleicht bei de Do'deg an de Bierg?...

Micky: Fleppy XXX komm mir klammen emol eröf, de Chef ass jo net do. Wat staunen de' aner wa mir hinnen derno fun eiser Entdeckungsfahrt erzielen...

Fleppy: Ech si mat. Ge' du vir.

Micky: (Klömmt a rift erop) Mach lues et ass glötscheg heibannen. Och d'Fleppy verschwönnt am Lach).

**3. Optrett:** Betty eleng, dann de Professer

Betty: So' elo hätt ech emol de' Burg ennersicht. Wann ech och soss neischt fonnt hun, da wéss ech awer elo mol, wo' de Géscht erop komm ass. Durch dén Kamein. Schued dass ech meng weiss Decken net do hat, ech hätt och Gespenst gespillt.

Professer: (Kuckt verwonnert iwerall hin) A Betty, wat schafft dir dann ech hun iech gesin an dém ale Gemaiesch erömkrauchen....

Betty: Ass dat verbueden?

Professer: Verbueden wuel net, ower et kann gefe'erlech gin, Ech mengen et könnt op emol e Stén nogin, an dann wier et eriwer.

Betty: Je, jé, wat soll do schon gefe'erlech sin?

Professer: Kuckt emol mei Kand, dir sollt Blummen sichen, de' sin nöt esou gefe'erlech. Wann dir wöllt mat mir goen, ech weisen iech eng ganz interressant Plätz.

Betty: (Fir sech) Soll ech? Nuje ech brauch jo neischt ze ferten a vleicht gin ech gewuer.....
(Hart) Ma geren Här Professer, eng Guide huet Fréd an der Natur, an er der Schoul hu mer och allerhand planzen gele"ert.....

Professer: Eng Guide sot dir .... Guiden..... Wat ass dat iwerhapt? Sport....

Betty: O nén, nöt nömme Sport. De Guidisssem oder Scoutissem ass eng Erze'ungsméthod. An esou guer eng ganz modern. Kierper a Gésch gi gebillt, de Charakter get forme'ert et get én zu engem nötzlechen Bierger an engem gudden Chrëscht erzun. Jidder Guide soll spe'der am Liewen seng Platz gudd ausfëllen egal wou.

Professer: Kommt losse mer rechts eriwer gôen (allenzwé of)

4. Optrett: Chef, Butz

Chef: (Eleng kuckt op d'Auer) Elo hätt d'Spill bâl lang genug gedauert. Nujé, de' gudd Loft ass gesond fir de' Band. (Butz könnt ausser Otem gelaf)

Butz: Chei... Wat sin ech erfe'ert... dohannen am Bësch, We' ech do um Buedergesicht hun, hun ech eppes he'eren an de Blieder rabbelen... ech dre'en mech öm ...eng schwartz Gestalt ass töschent de Bém komm... sie bleiwt stöen... ech hu mech se'er verstoppt... du he'eren ech Krésch - ganz ellen...en Auto huet gerabbelt...an du war et roueg. Wat hun ech mech opgerégt...Ech sin gerannt wat ech konnt.

Chef: Beroeg dech Butz, ech mengen du hues nach d'Gespenstergeschicht vu geschter Owend am Kapp.

Butz: Nén, nén et ass bestömmt wouer.

5. Optrett: Chef, Butz, Titty

Titty: Chef ech muss dir emol eppes soen.

Chef: Wat ass lass Titty.

Titty: We' ech de Wisepad erop komm sin, hun ech d'Betty gesin mam Professer bei der Bach setzen. Sie hun eifreg matenén geschwat. We' se mech gesin hun, huet de Professer sech gebeckt a gesot: Kuck do wat eng schien Vergissmeinnicht. D'Betty ass ganz rout gin an huet eppes gegrommelt. De Professer huet s ch verbessert well et war keng Vergissmeinnicht. Wés du Chef, enger Guide entgét neischt. Mengs du dat wir iwerhapt e richtegen Porfesser?

Chef: (Nodenklech) So' so' sô kengem eppes derfun Titty. So' elo huet d'Spill lang genug gedauert .....(Hat peift, d'Guiden kommen all erbei mat Ausnahm fum Fleppy a Micky)

6. Optrett: Chef, Guiden

Guiden schwetzen önnerenen iwer d'Spill.

Chef: Wo' bleiwen d'Fleppy an d'Micky dann nach?

Liette: Ech hat d'Fleppy virdrun nach gesin, opémol war et verschwonnen.

Martine: Ech hat d'Micky pch nach hannert engem Bâm gesin.

Chef: Wou sollen de zwé da nömmen stiechen. (Hat peift nacheng Keé'er, da rift et Micky - Fleppy)

Martine: Chef, solle mer emol kucke lâfen?

Chef: Da gitt laft awer nöt ze weit...(Guiden of)
Ech wés net ech sin op émol sou enroeg, sou opgerégt. Et wärt dach kengem eppes geschitt sin. Wat ge'fen hir Elteren soen. Mais wat könnt hinnen da geschitt sin, et si jo grou'ss Méderchер.. an dach...Mei Gort er wert mer dach kent verluer gôen vun denen de' mer uvertraut sin.

7. Optrett: Chef, Martine durno de' aner

Fernande: Chef, Kuck hei hun ech e bloe Foulard font, et ass bestemmt dem Fleppy sein.

Chef: E Foulard, weis en ... wo ' luch en dann?
Fernande: Hannert engem Bâm, 100 Meter vun hei.
(Liette an Titty komme gerannt)
Liette: Chef ... Chef... Kuck hei den Ziedel, e luch bei engem Bâm.
Chef: En Ziedel... Wat fir en Ziedel? Weid hier...
(Hat liest)
Wir werden entführt, Rettet uns! Micky
Oh Gott... Entfe'ert... schrecklech.... entfe'ert...

8. Optrett: De' Viregt, Betty an de Professer

Betty: (zum Chef) Wat ass geschitt? Wat zidders du eso'?
Chef: D'Fleppy an d'Micky.. sinverlur .. entfe'ert.
Betty: Wat sés du do? Wat ass dat fir en Ziedel?
Liette: Mir hun e bei engem Bâm tont.
Betty: (Liest)... Wat héscht dat? Wie fun iech kennt dem Micky seng Schröft?
Titty: Ma ech hun nach eng Kârt fum Micky an der Tesch.
Betty: (Vergleicht a kuckt) Et kann seng Schreft sin an och net. Wat mengt dir Här Professer?
Professer: Tja... mir schnegt et , die Schröft ass absichtlech verstalt oder nogemach.
Chef: Entfe'ert... d'Butzi huet mir elo e'nescht vu n enger schwarzer Gestalt erzielt, vun engem greissleche Krésch... vun engem Auto... entfe'ert....
Porfesser: Nun emol ~~roéef~~ ro'eg Blut behalen... Elo wölle mer emol alles otsichen.. a sollte mer d'ganz Nuecht sichen.

Rido (Enn vum 2. Akt)

## III. A K T Am Bierg

Bühn: Maschinen, e Schrauwstack ugedeit; an der Mött en Desch mat Petrolslucht; 2 Bänken, Pabeier an Geld öm Dösch, eventuell Kamein mat Eier)

1.Optret: Fleppy a Micky ( si lûssen hannert der Kuliss eraus)

Micky: Do ass d'Lucht de' mir fun eso' weit gesin hun. Geseiss de Fleppy, du hues gemengt et wär d'Sonn.

Fleppy: Wât soll dat alles sin? Wien soll hei hausen? Raiber, De'f .....Schmoggler....

Micky: Kuck do.... de' Maschin. An do um Dösch, Ke'p Geld an Sölwerfrangen.....

Fleppy: Micky...Wéss du wat....elo verstin ech...et sin Falschmönzer, richteg, Falschmönzer....an elo wéss ech och, wuerfir et an der Nuecht ömmer eso' klappt....

Micky: Ma klôer, da lâfen d'Maschinen, da gett d'falscht Geld gemach.

Fleppy: Dât ass d'Geheimnis vum Bierg ( schle't dem Micky op d'Scheller) Wéss de Micky, mir gi berühmt...mir kommen an d'Zeitung...mir hun d'Geheimnis entdeckt.

Micky: Pst...d'kennt én...se'er zreck( ze'en sech zreck)

2.Optret: (Tom a Bob)

Tom: Wire mer nemmen der Band Médercher lass. Wat hun de' mat hiren Zelter hei bei der Buerg verluer?

Bob: Pa, de' ste'eren ons dach net vill.

Tom: Nujé, mer werden schons dofir sueregn, datt mer hirer lass gin, wésst du eso' oder anescht. A wann...( et he'ert én e Krésch vum Micky, de 2 Gangster furen zesummen)

~~Bob~~ Tom: Wat war dat?

Bob: Se'er eng Lanter hier, mei Revolver (Helt eng Lanter, de' 2 of: hannert der Bühn Gerôss a Kame'di.)

3. Optret: De' zwé Gangster stou'ssen ~~d'Micky~~ op d'Bühn.

Tom: Verdammten Zatz...Wât mechs du hei?

Bob: Wo' kenns du hier...Entwer...oder ech schloen der d'Zenn an....(Fuchtelt mam Revolver).

~~Micky~~

Fleppy: Oh d'Micky...d'Micky..... dat aremt Micky....

Tom: Wien ass d'Micky? Wo' ass d'Micky......

Fleppy: D'Micky et leit am Lach.....

Tom: Am Lach....a wat fir engem Lach?

Fleppy: an engem Lach dohannen am deischtere Gank.

Bob: Wat hut dir hei verluer, dir Schnuddelechen...Der Deiwel soll iech all huelen. Tom ge' emol nokucken wo' dat anert leit.( l. Gangster of).

Bob: We' héschs du?

Fleppy: Fleppy

Bob: Dei richtege Numm du Frechdachs.

Fleppy: Florence Philippe

Bob: Vu wo' bass du? Wo' kommt dir Médercher all hir?

Fleppy: Aus dem Minett...vum Ro'dentipp.....

Bob: Wat macht dir hei?

Fleppy: Ech sin... mir hun eis verirrt.....

Bob: Verirrt....Ausspionne'eren wollt dir ons. Wart meng Mod ech werd dech le'eren.....

Fleppy: oh d'Micky....

Bob: d'Micky, d'Micky...Grad esou eng Zara we's du...aha , do kommen se jo.....

4. Optret: (Fleppy, Gangster, Micky. De Gangster dre't d'Micky op dem Arm dat we'mert, werft et op de Buedem)

Tom: Do leit No 2 , dat war nawell schwe'er.
Bob: Wat huet et dann?
Tom: Oh et war an de Schacht dohanne gefall...et wärd e Bén gebrach hun , oder wat wés ech.
Bob: Hätt et sech dach nömmen de Kapp durchgeschloen... meng le'w Kanner, wat gitt dir nach gewekalt... Tom ruff emol de' aner zesummen.(Tom of, Micky we'mert)
Bob: Wat hues du ze so'eren?
Micky: Oh mei Fo'ss , mei Fouss.
Fleppy: (Hellt dem Micky seng Hand a kne't sech niewend hat. Micky ech sie bei dir. Hues de vill we'?
Micky: Vill...oh....au....
Fleppy: Ech machen dei Schong lass, da gét et besser ( d'Fleppy schafft un him, d'Micky we'mert lues...)

5. Optret: De' Vireg, Bauer a Kniecht de' verkléd sin ( si setzen sech un den Desch)

Mates: Wat ass dann Neis?
Tom: Eng blöd Affär. De' zw'en Médercher do fanne mer matten am Bierg.
Mates: Oh..2 Médercher...(e licht hinnen mat der Lucht an d'Gesicht ) We' zwou Guiden? A we' kommen de' dann heihin?
Tom: Si soen sie hätten sech verirrt. Dat ént schengt d'Bén gebrach ze hun...wat solle mer mat hinnen ufenken ?
Mates: Ja..ja...eng dommSach...wat mat hinnen ufänken?Losse mer se lâfen, si mer verroden, hâle mer se gefängen, kre'e mer och d'Police an d'Höer. Dat get gesicht a gesicht bis se schlisslech eng Spur hun... Mille nonditonnerre... verfluchte Médercher....
Tom: Wuefir sou vill Konschte machen: eng Kugel oder an e Schacht voll Wasser mat hinnen a ferdeg ass de Lack... et ass dach einfach.
Bob: Natirlech, net fill Fiederliessens mat eso' Kanner gemach, ersauft se we' jong Kâtzen.
Tunn: Wât dir do schwetzt. Mengt dir domat wär eis gehollef? Wat hu mer dann gewonn, wa mer d'Polizei um Pelz hun a wann se d'ganz Ge'gend ofklappen. So' lang we' mer se lieweg an den Hänn hun, kennen se emmer netzlech sin. A wir et och nemmen we'nt dem Le'segeld....
Tom: Quatsch, schlôt se do'ut, de zwou Zatzen.
Mathes: Neisch am Eifer. Virlefeg gin se emol agesparrt an dann gesi mer weider. Elo hécht et de' aner op eng falsch Spur ze setzen; sie sollo mengen de' zwe'n wiren entfe'ert gin datt mer de' ganz Band vum Pelz kre'en. Duerfir nöt lang geried, gleich und d'Wierk ir et ze spe'd ass, den Auto an d'Rei gesât fir haut den Owend an eng falsch Piste geluegt.
Pitt: Duerfir suergen mir schon. Vielleicht kre'e mer e scheint Steck Geld eraus.
Mates: An dann, passt mer op d'Ausgäng op, well de' zwe'n do schon op den Agank gestou'ss sin, we' lîcht asset dann och me'gloch fir de' âner. A suergt mer fir de' ne'deg Munitioun an dat gleich, well et wéss én net wât kann virkommen.
Tom: An acht Dég ass eis Arbecht dach esou weit ferdeg, da raume mer d'Gegend, eso' lang hale mer och nach aus.
Mates: Virléfeg iwerhöllt de Pitt d'Iwerwachung fun dénen zwé. Hal se stänneg am A. Du hafts mat dengem Kapp derfir. De' aner kontrolle'eren d'Ausgäng dass mer gesechert sin fir all Fäll (Bauer, Tunn , Bob an Tom of.

6. Optrett: ( de Pitt gét op an of oder setzt sech un den Desch, d' Micky we'mert)

Micky: Mei Fouss , mei Fouss.....

Fleppy: Kanns du e bewegen? Lôss mech emol kucken.

Micky: En ass ganz deck geschwollen, ech hun Schrecklech Peng.

Fleppy: Hues du e Nuesschnappech bei der, hei drepst 'asser ech mân der kâl Opschle' ( et helt d'Nuesschnappech a versicht d'Micky ze verhannen.

Micky: Fleppy, sô bleiws du ömmer bei mir?

Fleppy: Secher Micky.Wat och kennt. Mir bleiwen zesummen.

Micky: A wa mir misste stierwen?

Fleppy: Stierwen..denk dach nöt do drun.

Micky: Fleppy , et ass mir esou Angscht, a wa mir gengen stirwem.. ech well net.... ech duerf net stierwen......

Fleppy: Micky, wât och kennt: Eng Guide ass emmer berét.

Micky: Ech well net stierwen ( et jeitzt) ech well nöt stierwen.

Pitt: Wât hues du do ze jeitzen? Hâl se zou oder ech le'eren dech.

Micky: Oh wat get et mir eso' schlecht.

Rido.

## IV. A K T (Am Besch)

Bühn we' am 2. Akt.

**1. Optrett:** Betty ( kuckt gespannt op de Buedem)

**Betty:** Spuren.....ech muss dach en Zéchen vun enger Spur fannen...do...Trett....si fe'eren bei de Strauch do... (kne't sech an zitt d'Wantergreng ausernén) Oh..e Lach...en Agank......(opgerégt) Endlech hun ech en entdeckt...o jé....

**2. Optrett:** Betty, Professer.

**PRofesser:** Wat sicht dir dann do Betty?

**Betty:** O Här Professor, wann ech könnt soen wat ech elo entdeckt hun.

**Professer:** Eppes entdeckt.....

**Betty:** Kuckt selwer...E Lach dât an de Bierg fe'ert...En Agank.....

**Professer:** So' en Agank an de Bierg...wirklech....an net schlecht verstoppt....Sot kengem et Betty, et wir zevill gefe'erlech, mir halen d'Platz am A...Kommt, ech hun nach eppes mat iech ze schwätzen.

**3.Optrett:** Chef.

**Chef:** Ech wéss net, wât d'Betty emmer mat dem Professer huet We' kann hat sech nemmen mat sou engem onhémleche Gesell ofgin. T'ass dach kloer, datt den Professer mat an der Geschicht stecht. An eso' engem raffine'erte Gauner gét d'Betty alles op d'Nues hänken. Wart mei le'we Geschterprofesser, hoffentlech he'ert geschwenn dé ganze Schwindel op...Du gess verhaft... an da fanne mir eis zwou Guiden erem... Ja, meng zwou Guiden, ech daerf nöt drun denken. Kén A me' hun ech zo'gedoen, seitdem sie verschwonne sin... Emmer nei Oprégungen...Geschter Owend huet Radio Letzeburg d'Vermösstemeldung durchgin, mar sin d'Zeitungen voll derfun. An dann fälen se iwert eis hir, iwert de ganze Guidissem.. zwou Guiden vermesst, entfe'ert..deck gedrekt brengen d'Zeitungen et.. an ech hun et eso' gudd gemengt, meng Freizeit geaffert fir meng Guiden..an elo esou en Ongleck..eso' e firchterlechen Schlag...

**4. Optrett:** (Chef, Brigardier)

**Brigardier:** Moien Chef, wât get Neits?

**Chef:** Neies ...wât soll Neies gin? He'chstens eppes Schlechtes..

**Brigardier:** Eng domm Sâch... de' lescht Nuecht hate mer eng kleng Sche'sserei...

**Chef:** Ma ech hun eso' eppes he'eren. Wât war dat?

**Brigardier:** Meng Gendarmen hun am Besch en Auto gesin.. si hun en iwerfall a geschoss, awer d' Banditen sin entkomm an hun den Auto am Stach geloss. Rot emol wiem sein Auto dat et war?

**Chef:** Wiem sein Auto?..jo dat ass schwe'er soen.

**Brigardier:** Sot kengem Mensch eppes, ma et war dem Bauer fum Burghaff sein.

**Chef:** Dem Bauer sein? Hut dir dann de Bauer festgeholl?

**Brigardier:** Dat wir och geschitt. Ma stellt iech vir, an der Nuecht kennt de Bauer mam Professer op d'Gendarmerie a mellen ge'nt 1/2 11 Auer wir den Auto aus dem Schapp gestuel gin. Do war neischt ze machen.

**Chef:** Här Brigardier, ech muss iech e'erlech soen, ech hun de Professer stark am Verdacht, ech mengen hien ass an de' ganz Sach verwekelt. Leider ass et eng fu mengen Guiden, dé him Nochrichter [illegible]

mer op keng Spur. Ech ge'w iech roden, dem Profes..er seng Pabeieren gené ze kontrolle'eren an hien selwer stark z'iwerwachen.

Brigardier: Dir kent recht hun. Och mir ass dé Mann ganz verdächteg. e Mann dén sech Professer nennt a grad an deser Ge'gend sech eremdreiwt dât ass kén Zo'fall. Am Vertrauen soen ech iech, dir duerft natirlech ké Wuert soen, ech "seit e puer Dég de Professer iwerwache geloss. Wann ech nemmen we'sst, wat hien Owes spe't op sengem Zemmer ze schaffen huet...awer ir hien d'Lucht umecht, le'sst en virsichteg d'Ridoen erof. Nach lang no 11 Auer brennt d'Lucht an et geseit én sein Schied op an of goen am Zemmer. We' an der Nuecht den Auto gestuel gouf, war sein Zemmer den ganzen Owend donkel. Wo' soll hien gewiecht sin? T'ass dach me' we' verdächteg. A we' kent e bei de Bauer? Ech gesin, Johanne könnt ên mat enger Guide, zitt iech zreck, ech well gleich de Fall önnersichen...
(Chef a Brigardier of)

<u>5. Optret:</u> Betty, Professer, spe'der Brigardier a Chef.

Professer: Also do ass den Agank...mer mussen d'Lag gené op der Kart androen.

Betty: Solle mer vielleicht gleich d'Lach mei gené önnersichen?
( De Brigardier sprengt eraus mat virgehalenem Revolver)

Brigardier:D'Hänn an d'Lucht ( dén zweé erschrecken, da lächelt de Professer)

Professer: Wat héscht dann dat elo?

Brigardier: Dat wert dir elo gleich erfueren. Dir braucht guer net esou domm ze grinsen, eng Bewégong an ech sche'ssen, Weist er Pabeieren.

Professer: En Ableck, Brigardier ( hie greift an d'Täsch an zidd en Ausweis eraus) Hei mein Numm a mein Ausweis: GREY ass mein Numm, Inspekter vun der Sureté.

Brigardier:We'....Dir....( hie schle't un)

Professer: Ech selwer, mei Beschten, mir kennen ons scho lang. Et frét mech, dass ech meng Roll esou gudd gespillt hun, dass esou gueren d'Police mech net erkannt huet.

Brigardier:Ass et me'glech...mir bleiwt de Verstand stoen...

Professer: An hei ass mein dichtegen Matarbechter, d'Betty.

Brigardier: Nén ech kann net verstoen...

Professer: Seit e puer Wochen sin ech hei an deser Ge'gend. Virun enger Zeit war mer nämlech gemellt gin, dass an der Belsch falsch Dausendfrangscheiner gedreckt ge'fen...a warscheinlech och am letzeburger Land. Meng Nofuerschungen hun mech an des verlossen Ge'gend gefe'ert. D'Burg an dat Klappen am Bierg war natirlech verdächteg. Awer bis haut war et onme'glech der Verbriecherband nozekommen....Bis elo de' Geschicht mat dénen zwou Guiden ~~no~~komm ass. An haut haut hu mir warscheinlech de Schlössel zum Geheimnis fun der Gespensterburg entdeckt. Mir sin op der Spur ower et héscht se'er handelen. Mir stin nach enger schwe'rer Aufgab ge'ntiwer. Zweé jong Mönscheliewen sin nach a Gefor. E ganzt Raibernascht muss ausgehuewe gin. Nach haut setzen ech mech mat der Stadt a Verbindung dat mir Verstärkung kre'en. De ganze Bierg muss emstallt gin. Keng Minutt ass ze verle'eren. An dann gesinn mir jo wat fir eng Band dass dat ass. Dout' oder lieweg, kén derf eis entgoen.

Brigardier:Ech kommen mer es nach emmer nöt zou. Entschellegt Här Inspekter. Ech ruffen gleich all meng Gendarmen zesummen an dann werde mer de Kerelen schons påken.

Rido

## V. A K T : Am Bierg

(Dekor we' am 3. Akt. Om Buedem stin gepakt Keschten, Petrolslucht an eidel Be'erfläschen öm Bösch.)

**1. Optret:** Micky a Fleppy

Fleppy: Wat soll dat bedeiten? De' ganz Nuecht ass agepakt gin a fortgeschléft gin. Eis Wiechter sin eso' opgerégt.....
Micky: D'Raten verlossen d'Schöff ir et önnergét.......
Fleppy: Ech hun eso' eng Anong, we' wann geschwenn Rettong ke'm, vleicht ass se scho ganz no. Wann se eis nömmen ro'eg lôssen.
Micky: Kennt ech nemmen mei Fou'ss gebrauchen, mir ge'wen versichen fortzelâfen.
Fleppy: Ech hun mer dat schon oft iwerluecht: et muss dach me'glech sin sech an engem Lach oder hannert Stébleck ze verstoppen, awer we' krit ech dech mat virun?
Micky: Fleppy, da rett du dech! ech kann jo dach net fort. Ech muss heibleiwen a sin jo dach verluer.
Fleppy: Né Micky, entwéder allen zwé oder kén. Ech bleiwen bei dir Micky. Mir Bleiwen zesummen bis un d'Enn. Lauschter ech he'eren Trett..Lôss mer eis ro'eg verhâlen.

**2. Optret:** Bauer, Pitt, 2 Gangster.

Bauer: Wo' bleiwt dann den Auto dén d'Keschten ôfhuele soll?
Tom : Op jiddefall huet e vill Verspe'dong.
Pitt: d'Police werd den dach nöt ugehalen hun am Bösch.
Bob: Wât hécht hei d'Police, de' arm Driepserten.
Bauer: et get Zeit dass mer hei verdôfften an dass dir fir eng Zeitchen iwert d'Grenz verschwannt, well d'Police.....
Bob: Jé,jé mir brauchen och nach d'Police ze fèrten, Ass ké Schotz me# an der Flesch, ech hun Dûscht.
Mates: Et ass alles lîcht gesot, awer.... zeng Mann hun ech gesinn an déne leschten Dég öm den Haff lungeren. De' ganz Sâch kent emol e schlechten Dre'h kre'en. Dass de' 2 Médercher verschwonne sin, muss natirlech alles op d'Bén setzen. T'ass ömmer me'glech eng Spur ze fannen. Mir hoffe jo datt et nach eng Ke'er gudd gét.
Tom: Der Deiwel soll de' Médercher huelen, wât mache mer iwerhâpt mat hinnen?
Mates: De' musse natirlech verschwanne gedoe gin.

**3. Optret:** De' Vireg, den Tun könnt eragestirmt.

Tunn: D'Police... d'Police....
Pitt: Wât asslass?
Tunn: De ganze Bierg ass emstalt... alles voll Gendarmen...
Mates: Fort ....Donnerwieder....ales fort....Gleich scharf geschoss wann et muss sin ( sie lâfen durchernén mat Scheinwerferen a Revolver...kuke virsichteg eran)

**4. Optret:** Professer a Betty mat Scheinwerfer a Revolver..kukke virsichte eran)

Professer: Hei hält de Gank op...Lues nokommen..(hie lîcht ronderöm) Hei schenge mer metten an der Raiberhiel ze sin.
Betty: Dohanne leien der....
Professer: Wo'.uecht gin...
Betty: O Gott ...ech mengen et wiren eis zwou Guiden...( gét no bei se) Micky....Fleppy ( lues rîchten de' zwé sech op)
Fleppy: Du Betty
Micky: Ooo endlech
Betty: Gott sei Dank dass dir nach liewt . Ass iech neischt geschitt?
Fleppy: Nén, d'Micky huet grad de Foss gebrach, et war an e Schacht gefall.
Professer: Sin se fort, wesst der neischt fun hinnen?
Fleppy: Virun e puer Minutten sin se fortgelâf. O we' schrecklech wor dat.

Micky: E puer mol hun se geschoss, glecklecherweis ass kén vun ons getraff gin.

Professer: Dir braucht neischt me' ze ferten, kén vun de Banditen sol entkommen.

Micky: O Betty wat sin ech eso' frou.

Betty: Hues de vill we'? Kanns de nöt opstoen?

Micky: Mei Fouss ass deck geschwoll, all de' Zeit hât ech eng schrecklech Peng...Awer dat ass neischt! Wa mir nemmen hei eraus kommen.

Professer: Hun se iech neischt zu Léds gedoen?

Fleppy: Zo' Léd hun se eis neischt gedoen. Zwe'n wollten eis doutmachen, ower e jongen Kèrel- ech mengen et wor dem Bauer sei Kniecht, den Tunn- dén huet eis eso'guer hémlech Brout a Mellech bruecht. Macht dass him net vill geschitt.

Professer: D'Banditen sin et, ganz gemeng Banditen ( e lauschtert) Aha do werden se jo schon e puer vun eise Gefangene brengen....

5. Optret: Brigardier mat 2 Gendarmen, de' de Bauer, den Tunn an e Gangster brengen.

Brigardier: So' do hätte mer d'Band, kén ass fortkomm, zwé sin der schwe'er verwonnt gin bei der Sche'sserei.

Proffesor: A, Bauer vum Burghaff, wât sôt der dann elo? Hett dir jé geduecht dass de Professer emol eso' e Fang geng machen.

Mates: Verzeit mer, ech bieden iech, denkt u meng Fra a Kanner.

Professer: Un de' hätt dir selwer sollen denken, Bauer, elo ass et ze spe't. Dir sitt en Erzgauner, e Bandit vun der allerschlemmster Zort. Aus Belgien sit dir went Spionage ausgewise gin an du hut dir geduecht, dir kennt an deser verlossener Ge'gend ert Verbriecherliewen weiderfe'eren. Mä wart Baierchen des Ke'er le'eren mir iech an er Komplizze Dausendfrangscheiner drecken. De' e'scht 2o Joer ass d'Land secher virun Iech, d'Zuchthaus ass eng vill ze gele'nd Strôf fir iech. Traut kengem Professer me' dé Blumme sammelt. Brigardier, fe'ert se enner stärkster Bewachung fort a sot ~~hinnen~~ am Gronn, datt se a streng Enzelhaft gesat ginn, well ech hun nach ofzerechnen mat hinnen.

Brigardier: Färt net, Här Inspekter, eis läft kén fort.- Virun, dir Brigangen a keng Konschten, soss knallt et. (Brigardier, Gendarmen, Bauer, Tunn a Ganster of.)

6. Optrett: Professer, Betty, Chef, Fleppy an Micky.

Professer: D'Geheimnis vun der Gespensterburg ass gele'sst. Durch d'Onvirsichtegkét vun eisen 2 Guiden ass eng Verbriecher Band onschiedlech gemach gin. Dankt dem Härrgott, meng le'w jong Frönn, datt dir mat dem Liewen dervun komm sitt. Et sollt fir iech an all er Komerodinnen eng Le'er fir d'Zo'kunft sin. Ech hat Gelé'enhét zum 1.Mol mat Guiden zesummen ze kommen. Am Ufank hun ech iech jo all zum Deiwel gewenscht, well dir ausgerechent an des Ge'gend getrollt kommt an dun och nach bei der Burg er Zelter opgeschloen hut. Haut muss ech soen, ech dén System, ~~dât~~ esou Médercher erubild we' mein beschte Matarbechter,- d'Betty. Ech sin iwerzégt dervun Betty, dir gitt nach eng Ke'er e richtegen Detektiv.

Betty: Ech soen iech Merci Här Inspekter, an iwerlée mer ~~èr~~ ~~Propositioun~~. Einstweilen fréen ech mech dass meng 2 Guideschwesteren hei eremfond gouwen an de Chef enger schwe'rer Suerg lass ass.

Chef: Erlâbt mer e Wuert: Ech hun Iech Här Inspekter an d'Betty verdächtegt a bieden öm Entschöllegung. Merci fu ganzem